PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/03/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.

Déi national an europäesch Gesetzgebung gesäit vir, dass Persounen sech bei enger nationaler Entitéit beschwéiere kënnen, wann hier Rechter am Beräich vun de si betreffende persounebezunnenen Date verletzt goufen. Bei eis am Land ass et d'CNPD, déi sech ëm dës Doleance këmmert.

Niewent selwer betraffene Persounen, kënnen awer och Aussestoender Problemer beim Dateschutz opdecken. Allerdéngs ass d'Recevabilitéit vun enger Reklamatioun bei der CNPD awer ënnert anerem dovun ofhängeg, ob deen, wou reklaméiert, selwer vum Dateschutzproblem betraff ass. Deckt eng Persoun e Problem op an engem Beräich, wou hier eegen Daten net traitéiert ginn, ass d'CNPD ënnert der aktueller Gesetzgebung also net zoustänneg.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. U wie kënne sech Persounen aktuell wenden, déi en Dateschutzproblem melle wëllen, deen hier eegen Daten net betrëfft?
   Falls et esou eng Kontaktstell gëtt: Ass dës Entitéit gesetzlech verflicht dës Reklamatioun ze traitéieren?

2. Ginn et Iwwerleeungen, fir d'Kompetenze vun der CNPD auszewäiten, fir zentraliséiert op enger Plaz all Aarte vu Meldungen iwwer Dateschutzproblemer ze traitéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten